



weiderzéien, wou och net, wat elo Gefor leeft ze entstoën, Situatiounen komm wieren, wou véier Joer hannerteneen iwwerhaapt net gewielt gëtt, weder kommunal nach national nach bei den Europawahlen. Tëschent 2019 an 2023 si véier Joer, wou net gewielt gëtt. An datselwecht nach eng Kéier tëschent 2024 an 2028. Och deem hätt ee kënne mat eiser Propos entgéintwierken.

Dëst gesot, Här President, menge mer awer, datt d'Gesetz u sech e Fortschrëtt duerstellt, e Fortschrëtt par rapport zur aktueller Situatioun an och e Fortschrëtt par rapport zur aktueller Handhabung. An duerfir wäerte mer dat Gesetz hei och matstëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Baum. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun. An d'Wuert huet elo den Här Premier- a Staatsminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, ech wëll och fir d'Éischt dem Rapporteur Merci soe fir d'Erklärungen. Ech mengen, vill Virriedner hu schonn eng ganz Rei Saache vun dësem Projet soulevéiert.

Eppes steet fest, de Statsrot seet et och, dass e Mandat vun Deputéierten - nach eng Kéier: duerch d'Verfassung, deen Text, deen déi héchste Valeur huet am Land - fënnef Joer dauert. Deen héchsten Text, d'Verfassung, seet: „fënnef Joer“, keent méi. Selbstverständlech, et kéint manner sinn, mä net méi. Manner wier, wann eng Chamber opgeléist géif ginn.

Während mer bis elo gewinnt waren, dass spéitstens um Wahlsonndeg d'Parlament opgeléist ginn ass an dass mer dann am Fong um Wahlsonndeg eng nei Chamber gewielt hunn, wou mer dann awer kee fonctionnsfäegt Parlament haten, bis déi 60 Deputéiert vereedeegt gi sinn, féiere mer mat dësem Gesetz am Fong de permanente Charakter vun der Chamber an. An ech mengen och, dass dat e ganz wichtege Punkt ass, an ech soen och der Kommissioun Merci fir déi konstruktiv Aarbecht, déi hei gemaach ginn ass.

An Zukunft wäerte mer also am Normalfall ni méi ouni Chamber dostoen. Ech ka mech erënnere, wéi mer hei waren a wéi d'Chamber opgeléist gi war, wou du grouss Froe waren, wou hei e bësse Panik am Haus war, well mer net méi woussten, wéi mer sollte weiderschaffen. An ech ka mech erënnere, wéi mer ënnert dem President Mosar all zesummekomm sinn, fir ze kucken, wéi maache mer elo weider, well keen eng Anung hat, wéi mer iwwerhaapt sollten an esou enger Situatioun zesummeschaffen. Duerfir fannen ech et och wichtege, dass mer hei dës Schrëtt maachen.

Et ass och eng Demande vun all Partei gewiescht, fir d'Europawahlen an d'Chamberwahlen ze trennen. Dat ass eng Realitéit gewiescht mat deene virgezunne Wahlen an ech mengen, dass dat och elo definitiv wäert sinn.

Elo zu deem leschte Punkt, wou gesot ginn ass, dass mer d'Gemengevertrieeder e bësse géifen iwwerrasche mat engem Text, deen elo géif kommen: Deen Text hu mer jo net no de Gemengewahlen, Här President, deposéiert. Et ass jo net, wéi wann deen Text an deem leschte Mount, also säit dem Oktober, wou d'Gemengewahle waren, deposéiert gi wier. Deen Text ass den 28. Oktober 2016 (veuillez lire: 18. November 2016) deposéiert ginn an der Press virgestallt ginn - an der Press virgestallt ginn! -, wou mer kloer gesot hunn, dass, well mer all drësseg Joer déi zwou Wahle riskéieren ze hunn, eben d'Gemengemandat méi kuerz soll sinn. Dat heescht, et ass net, dass mer deen een oder deen aneren hätte wëllen iwwerraschen.

Den Depot war den 18. November 2016 an den Avis vum Conseil d'État vum Mäerz 2017, et war eng Kommissioun den 22. Mäerz 2017, den 29. Mäerz 2017 an den 3. Mee 2017. Dat heescht, et ass net, wéi wann ni iwwert deen dote Punkt geschwat gi wier an der Éffentlechkeet. Ech mengen, dass och de Gemengeconseiller elo net iwwerrascht wier, wann en dat dote géif gewuer ginn. Wéi gesot, den Text ass schonn deposéiert ginn an et war fir eis wichtege, fir dat esou ze maachen.

Firwat maache mer dat, Här President? Ech wëll just drun erënnere, um wivill Auer mer déi lescht Resultater hate virun e puer Woche bei de Gemengewahlen. Dat heescht, mat wat fänke mer un? Da gëtt ausgezielt. Mir bréngen et net fäerdeg, an engem Dag, wou d'Wahlbüroen um zwou Auer zoumaachen, owes déi definitiv Resultater alleguerten ze hunn, well d'Leit och vill panachéieren et cetera, et cetera.

Dat heescht, mir géifen da Chamberwahlen a Gemengewahlen deeselwechten Dag hunn.

Mat wat fänke mer un? Wou ginn d'Plakater opgehaange vun deem engen a vun deem aneren? Wou fënnt den Debat statt, deen demokrateschen Debat, dee wichtege ass? An duerfir si mer wierklech der Meenung, dass een all 30 Joer soll evitéieren, dass et zu esou enger kokasser Situatioun kënnt.

Ech hunn lech gesot, de Wahlsonndeg gi ronn 260.000 national Wielerstëmmen deposéiert. An dann hu mer och nach Wahlbüroen, wou jo bei de Gemengewahlen d'Netlëtzebuerger wienle däeren. Dat heescht, déi däerfen dann an d'Wahlbüro goen, mä déi hunn dann eng Urn, wou se däerfen en Ziedel ofginn, an eng aner, wou se da bei de Chamberwahlen net däerfe wienle, well se jo nëmmen däerfe fir déi eng an net fir déi aner wienle.

Duerfir si mer och der Meenung,...

► **Une voix.** - Do hale mer eis dëst Joer och nach net drun.

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Duerfir si mer der Meenung, dass et wichtege ass, dass d'Wahlen hei getrennt ginn. Ech gesi just, dass vun der CSV ech haut ebe matgedeelt kréien, dass se domadder e grouse Problem hunn. Nach eng Kéier, Här President: Den Text ass am November 2016 deposéiert ginn. Et ass keng Iwwerraschung. Dat wat priméiert, d'Mandat vum Deputéierten, ass duerch d'Verfassung virgesinn. D'Gemeng ass duerch d'Gemengegesetz virgesinn. An duerfir ass et wichtege, dass mer dës Annerungen haut maachen, fir dass kee Vakuum am Parlament bleift, mä virun allem och, fir dass mer evitéieren, dass mer Wahlen hätten, wou mer et net géife fäerdegbréngen, bannent annerhallwem Dag oder zwee Deeg iwwerhaapt Resultater ze kréien.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Vu dass mer den Antrag vun de Kollege vun der CSV hunn, fir separat iwwert den Artikel 4 ofzestëmmen, géif ech lech virschloen, dat elo direkt ze maachen. Merci.

Vote séparé sur l'article 4 du projet de loi 7095

Déi, déi fir den Artikel an der jëtzege Form sinn, stëmmen mat Jo, an déi, déi dergéint sinn, mat Nee. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

37-mol Jo, 23-mol Nee, domat ass den Artikel 4 an der jëtzege Form bestätegt.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Roger Negri) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Mir géifen dann direkt zur Ofstëmmung iwwert den Ensembl vum Projet de loi 7095 iwwer goen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7095 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An och hei ass d'Ofstëmmung elo eriwwer.

37-mol Jo, 23 Abstentiounen, domat ass de Projet de loi ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Taina Bofferding) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lam-

berty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), M. Paul-Henri Meyers (par M. Claude Wiseler), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

An ech géif lech da proposéieren, fir elo iwwert d'Motiounen a Projeten ofzestëmmen, déi mer gëschter diskutéiert hunn. Ech gi jo dervun aus, dass d'Motiounen diskutéiert sinn. Wann dat net de Fall wär, da maacht Der mech dorop opmierksam.

Als Éischt géife mer iwwert d'Motioun N°1 ofstëmmen, déi vum Här Fernand Kartheiser beim Debat iwwert den Developpement abruecht ginn ass.

(Brouhaha)

Soll ech nach eng Kéier ufänken?

► **Plusieurs voix.** - Nee.

4. Débat sur la politique de coopération au développement et de l'action humanitaire (suite)

Motion 1

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Mir géifen iwwert d'Motioun vum Här Kartheiser ofstëmmen, déi hie gëschter beim Debat iwwert den Developpement abruecht huet a wou et ëm de Schutz vum Liewen an der Gesondheet vu Kanner an hire Mammen am Kader vun der Entwécklungspolitik geet. Kann ech dovunner ausgoen, dass d'Motioun diskutéiert gouf?

(Brouhaha)

Gutt. Dann, wann den Auteur do dermat d'accord ass, da stëmmen mer of.

Vote sur la motion 1

De Vott fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An och hei ass d'Ofstëmmung elo eriwwer.

3-mol Jo, 57-mol Nee. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Marc Spautz), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par Mme Taina Bofferding) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Da komme mer zur Motioun, déi den Här Laurent Mosar gëschter abruecht huet iwwert déi grujelech humanitär Kris am Jemen.

5. Motion de M. Laurent Mosar relative à la crise humanitaire en République du Yémen (suite)

An och hei, mengen ech, ass d'Diskussioun gelaf. Kënne mer hei à main levée ofstëmmen?

Well ech mengen, dass et hei zu Recht e Konsens gëtt an der Chamber.

Sidd Der d'accord mat der Main levée?

(Assentiment)

Vote sur la motion

Wien ass fir d'Motioun?

Géigeprouf: Wien ass dergéint?

Gëtt et Enthaltungen?

D'Motioun, déi vum Här Mosar abruecht ginn ass an och vun der gesamter Kommissioun gedroen ass, ass domat eestëmmeg ugeholl.

6. 7143 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement et l'action humanitaire (suite)

Dann hu mer de Projet de loi 7143 an och do war alles diskutéiert an ech stellen de Projet dann elo zum Vott. Dat ass de Projet iwwert d'Kooperatioun an den Developpement.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7143 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

57-mol Jo, 3-mol Nee. Domat ass de Projet de loi ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Roger Negri) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze beantragen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass och dat esou decidéiert.

Ech hoffen, dass ech elo näischt vergiess hunn. Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour kommen. Dat ass de Projet de loi 7186, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Logement, an et betrëfft de Mietzuschuss. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den honorabelen Här Max Hahn. Ech hunn e bëssen Zäit gewonne fir lech. Här Hahn, Dir hutt d'Wuert.

7. 7186 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement

Rapport de la Commission du Logement

► **M. Max Hahn (DP), rapporteur.** - Merci, Här President. D'Situatioun um Wunnengsmaart ass dramatesch. Dës Constat maache mir net eréischt säit Kuerzem, mä zanter ville Joren, Joren, an deenen d'Politik et net fäerdegbruecht huet, d'Logementsproblematik an de Grëff ze kréien.

Oft gëtt am Debat iwwert de Logement just iwwert de Verkaufspräis vu Wunnenge geschwat. Jo, mir sinn eng Eigentums-gesellschaft, an dat ass och gutt esou. An awer däerfe mir d'Aen net verschléisse virun der dramatescher Entwécklung, déi de Lëtzebuerger Wunnengsmarché och am Beräich vum Locatif duerchmécht. D'Loyere klammen op d'mannst genau esou séier wéi d'Verkaufspräisser. De Problem bleift ëmmer deen nämlechten: D'Offer u Wunnenge kënnt bei Wäitem net un d'Demande erun. A



wann eppes rar ass, da klammen d'Präisser. Do-fir ass de Constat net nei, dass mer méi Wunnengen d'Joer mussen bauen.

Dat Zil wärte mir mat dësem Projet de loi sécher net erreechen, an dat ass och net de Sënn vun dësem Gesetzestext. Hei geet et vill méi dorëms, e Rettungsanker fir déi Leit ze geheien, déi de Moment zu Lëtzebuerg lounen a seriö Problemer hunn, fir sech iwwer Waasser ze halen. Et sinn nämlech grad Leit mat klengen a mëttlere Revenuen, déi sech et net leeschte kënnen, en Haus oder eng Wunneng ze kafen, a soumat op de Marché locatif uge-wise sinn.

Viru bal genee zwee Joer hu mir hei d'Gesetz gestëmmt, dat dat sougenannt „Wunggeld“ agefouert huet. Zënterhier gëtt et also och eng konkret Wunnengshëllef, déi d'Locataire zu Lëtzebuerg finanziell ënnerstëtzt. Am Joer 2016 waren eng ronn 18.600 Stéit viséiert, déi vum Wunggeld profitéiere kéinten. Bis den 1. Juli 2017 hunn awer just 2.005 Stéit och wierklech vun dëser Mesure profitéiert, dat entsprécht engem Taux vu ronn 11% vun der cibléierter Populatioun.

Als Erënnerung, fir vum Wunggeld profitéieren ze kënnen, muss een aktuell dräi Konditiounen erfëllen:

Éischtens: De Revenu vum Stot muss ënnert dem „seuil de faible revenu“, also dem maximal zoulässegen Akommes, leien. Dëse Seuil gëtt aus der Moyenne vum qualifizierten an dem netqualifizierten Mindestloun gerechent. Dëse louch am Joer 2015 bei 1.768 Euro an ass am Mäerz 2017 duerch e groussherzoglecht Reglement op 1.874 Euro eropgesat ginn.

Zweetens: De Loyer muss op d'mannst 33% vum Nettoakomes ausmaachen.

An drëttens: De Stot muss zu Lëtzebuerg um Privatmarché lounen.

Här President, dëse Gesetzesprojet setzt un dëse Kritären un, fir dass méi Stéit vum Wunggeld profitéiere kënnen a fir esou ze erreechen, dass d'Wunggeld och wierklech fir eng daitlech Entlaaschtung vun de Locataire zu Lëtzebuerg suergt.

D'Wunggeld gëtt op am Ganze véier Punkten ëmgeännert.

Éischtens: An Zukunft muss de Loyer just nach op d'mannst 25% vum Akomes ausmaachen. Et war nämlech effektiv esou, dass bei villen Demanden, déi refuséiert goufen, de Loyer tëschent 25% an 33% louch.

Zweetens: Déi sozial Transferten, zum Beispill d'Kannergeld oder d'Allocation de vie chère, ginn net méi bei d'Akomes derbäigerechent. Och dës Moosnam mécht Sënn, well d'sozial Transferte jo e gewëssent Zil erfëlle sollen an aner Ausgabe wéi déi vum Logement decke sollen.

Drëttens: Dat maximal zoulässegt Akomes gëtt daitlech an d'Luucht gesat an un d'Zuel vun de Persounen respektiv vun de Kanner am Stot gekoppelt. Dat maximal zoulässegt Akomes fir eng eenzel Persoun läit an Zukunft bei 2.500 Euro amplaz vu bis ewell deenen 1.874 Euro.

A véiertens: An Zukunft muss een net méi sechs Méint reguläre Salaire nowise kënnen, mä just nach dräi Méint.

Här President, laut Berechnunge vum Ministère wäerten net méi just 18.600 Stéit, mä 28.620 Stéit vum Wunggeld profitéiere kënnen. Oder a Prozent: Ab dem 1. Januar wäerte 64,9% vun de Locatairë vum Wunggeld profitéiere kënnen.

Här President, ech géif op dëser Plaz gär e puer konkret Beispiller ginn, fir d'Inzidenz vun dëse Mesuren ze illustréieren.

Beispill 1: Eng eenzel Persoun mam qualifizéierter Mindestloun. No den aktuelle Kritäre fält eng Persoun mam qualifizéierter Mindestloun, déi eleng wunnt, weinst hirem Akomes aus der Population cible eraus. Well dat net maximal zoulässegt Akomes awer op 2.500 Euro eropgesat gëtt, kann och dës Persoun elo vum Wunggeld profitéieren.

Beispill 2: Zwou Persounen mam onqualifizierter Mindestloun. No den aktuelle Kritäre géifen esouguer zwou Persounen an engem Stot, déi allen zwee den onqualifizierten Mindestloun verdéngen, net vum Wunggeld kënnen profitéieren. Mat dësem Gesetzestext gëtt hiert maximal zoulässegt Akomes vun 2.811 Euro op 3.750 Euro eropgesat, an och si kënnen elo vum Wunggeld profitéieren. Dat bedeit fir dee Stot all Mount 124 Euro méi, méi och u Kafkraaft. Dat stellt ëmmerhin eng Bruttosteigerung vun iwwer 6% beim aktuelle Mindestloun duer.

Beispill 3: E Stot mat zwee Kanner. Huele mer elo eng Famill mat zwee Kanner, wou d'Elteren alle béid den onqualifizierten Mindestloun verdéngen. Och si hunn am aktuelle System keen Usproch op Wunggeld, well de Montant vum Kannergeld vun op d'mannst zweemol 265 Euro mat an hire Revenu gerechent gouf a si esou iwwert dem maximal zoulässegen Akomes louchen. Net nëmme gëtt dëse Seuil an d'Luucht gesat, mä och d'sozial Transferte wéi d'Kannergeld ginn net méi berücksichtegt, soudass dës Famill netto 174 Euro méi zur Verfügung huet. Dat entsprécht enger Bruttosteigerung vu ronn 8,75% vun engem onqualifizierten Mindestloun.

Sollt déi nämlecht Famill dann e Revenu vun zweemol dem qualifizierten Mindestloun hunn, kënn hir och deen neien „taux d'effort“ zéngt, deen hire Loyer am Verglach zum Revenu ausmécht. Am aktuelle System läit dësen Taux bei minimal 33%. D'Famill misst also e Loyer vun iwwer 1.300 Euro bezuelen, fir kënnen vum Wunggeld ze profitéieren. Mam neien Taux d'effort vu minimal 25% muss de Loyer just nach 1.000 Euro bedroen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir mierkt also un dëse konkrete Beispiller, dass déi nei Kritären net vu Muttwëll sinn. Aktuell gëtt an der politescher Aktualitéit iwwert de Mindestloun geschwat. Dëse Projet de loi suergt derfir, dass an Zukunft all Resident, egal ob mat qualifiziertem oder netqualifiziertem Mindestloun, eng konkret Hëllef do ugebuede kritt, wou et wierklech néideg ass, nämlech um Lëtzeburger Wunnengsmarché.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et sinn nämlech net d'Salariéen, déi zu Lëtzebuerg schaffen an am Ausland wunnen, déi e Problem hunn, iwwert d'Ronnen ze kommen. An Zukunft wäerte 64,9% vun de Stéit, déi zu Lëtzebuerg lounen, vum Wunggeld profitéiere kënnen. Dëst féiert zu enger daitlecher Kafkraafterhéijung vun dëse Leit.

De finanziellen Impakt vun dësem Projet ass am Budget mat ronn 10 Milliounen agesat ginn. Heibäi geet een dervun aus, dass 15% vun der Population cible d'Wunggeld no den neie Kritäre wäerten ufroen. An et geet ee vun enger Moyenne vun 150 Euro pro Mount a pro Stot aus, déi ausbezuelt ginn.

Ofschléissend wëll ech nach bemierken, dass de Statsrot a sengem Avis zu dësem Gesetzestext näischt ze beanstanden hat. Ech verweisen och op mäi schrëftleche Rapport an déi entspreche Dokumenter um Portail, wat d'Avis vum de Chambre-professionnellë betrëfft.

Dëst gesot, géif ech den Accord vu menger Fraktioun ginn an ech soen lech Merci fir d'No-lauchteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci dem Här Rapporteur Max Hahn. Als éischten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Lies.

Hutt Der changéiert? Bon, dann d'Madamm Andrich. Kommt, Ladies first, dann hutt Dir d'Wuert.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Mir schwätzen awer net zu zwee.

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Dir hutt d'Wuert, Madamm Andrich.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).** - Merci, Madamm Presidentin. Ongewinnt, Madamm Presidentin, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dass e Gesetz, knapps ass et e Joer a Kraaft, schon nees muss op de Leescht geholl ginn. Net, well de Kleeschen haut kënn, neen, d'Gesetz huet ganz einfach net gegräff. Et huet säin Zil verfeelt, d'Aarmut an den Aarmutsrisiko ze bekämpfen.

De Rapporteur, deem ech Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, huet eis elo just déi verschidden Aspekter virgestallt. D'CSV begreist, dass d'Gesetz nogebessert gëtt, virun allem, dass et elo duergeet, wann de Stot 25% vum Akomes fir säi Loyer ausgëtt anstatt 33%. Mä mir hunn awer och op eng ganz Rei Ongerechtegkeeten higewisen, grad ewéi d'Caritas an d'Chambre des Salariés:

Et ass lamentabel, dass grad Famillje mat Kanner vill Problemer hunn, fir eng dezent Wunneng ze fannen. Et gëtt och nach ëmmer kee regional ofgestëmmte Referenzloyer. E Loyer fir eng Wunneng am Norden zum Beispill läit bei 750 Euro, am Zentrum dogéint bei 1.100 Euro. E sougenannte Mietspiigel, sou den Här Minister, wier awer hei net méiglech aus Dateschutzgrënn. Dofir: Wéi schätzt de Minister an, dee Problem geléist ze hunn?

Dann hu mer och zweeërlee Notznëisser vun der Loyerszoulag bei den RMG-Bezëier. Déi nei RMG-Bezëier falen ënnert d'Wunggeldgesetz a

kréie bis zu 300 Euro Loyerssubventioun. Déi vu virum Gesetz kréie weiderhin eng Majoratioun vun 123 Euro. Op Nofro vun der CSV huet de Minister matgedeelt, et wier en Arrangement getraff mam Fonds national de solidarité, dem FNS. De Service logement, dee soll elo déi betreffen RMGiste bei hirem Demande uschreiwen, dass se kënnen fir déi gënschtegste Formule optéieren, wa se schonn eng Bonifikation fir de Loyer kréien.

Mécht den RMG-Bezëier keng Demande, ass en op d'Informatiounen iwwert den Office social ugewisen. Dat héiert sech net onbedéngt wéi eng Simplification administrative un. Grad déi dote Leit kommen net gutt un d'Informatiounen. Datselwecht gëllt och fir déi potenziell Notznëisser mat niddregem Revenu, déi kee Kontakt mat engem Office social hunn. D'Regierung ass jiddefalls gefuerdert. D'Informatioun vun de Professionelle muss optimiséiert ginn an Informatiounscampagnë sinn néideg.

Fazit: eng Drëps op de waarme Steen! Et bleiwe weiderhi Mësstänn an der Wunnengspolitik insgesamt. D'Loyerspräisser klammen. Si klamme monter weider. Laut leschten Tendenz vum LISER, dem Luxembourg Institute of Socio-Economic Research: plus 4,1% an der Moyenne zënter 2010, plus 2,1% déi lescht zwielef Méint. Déi lescht véier Joer si se souguer progressiv méi schnell eropgaange wéi déi aacht Joer virdrun a si klamme méi séier wéi d'Mëttelakomes.

D'Eropsetze vun der TVA bei Zweetwunnenge vun 3% op 17% wäert fréier oder spéider och op d'Loyeren dropgeschloe ginn. Kaum Aus-sicht also fir Entspannung um Logementsmaart. Et ginn net genuch bezuelbar Wunnengen, näischt Neies, an entre-temps e parteiwwergräifende Konsens.

Eng ganz Rei Lëtzeburger Famillje mat Kanner plënnere bekannterweis iwwert d'Grenz. Wien ass nach betroff? Elengstoend Persounen, jonk Leit oder Familljen am Ufank vun hirem Liewensplan - déi mussen oft méi wéi 40% vu hirem Revenu fir de Loyer op den Dësch leeën -, besonnesch fragiliséiert Persounen: Elengerzéier a sozialen Noutlagen, meeschtens Fraen, Persounen mat Behënnerungen, psychesch Kranker, an net ze vergessen d'Flüchtlingen. Déi riskéieren, an onwierdege Konditiounen ze wunnen.

D'Problematik vun de Cafészëmmeren, déi zu horrende Präisser verloungt ginn, ass nach ëmmer akut. D'Gesetzespropos vum honorabele Marc Lies schéngt awer net gradesou akut gesinn ze gi vun der Regierung. Derbäi kënn eng onkohärent Familljepolitik, wou grad Famillje mat méi Kanner net esou gutt ewechkommen, entgéint deem, wat d'Regierung behaupt.

D'CSV hat iwwregens am Kader vun där och sozial ongerechter Steuerreform fir eng méi staark Entlaaschtung vun den ënneschten Akomesschichte plädéiert.

Wat ass néideg? E globaalt Konzept fir eng Wunnengspolitik, net nëmme fir déi Schwächst an der Gesellschaft. Haaptsächlech feelt et u soziale Wunnenge fir ze lounen, mä och u Wunnenge mat moderate Loyeren.

D'Preparative sinn amgang fir e weideren Débat de consultation Ufank 2018. Deem wëll ech och net virgräifen. D'CSV huet bis elo scho vill Proposen op den Dësch geluecht. Schéin a gutt nees ze debattéieren, mä dës Kéier geet et allerdéngs drëms ze agéieren.

Madamm Presidentin, d'CSV begreist, dass haut d'Wunggeldgesetz nogebessert gëtt, fir dass méi Stéit sollen an de Genoss dovun kommen, wa se dann eng Wunneng fannen. An et schéngt mer sënnavoll, regelméisseg Bilan ze zéien, ob et och säin Zweck erfëllt.

Domat ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **Mme Simone Beissel, Présidente de séance.** - Merci, Madamm Andrich. Just fir Intendance-Uerdnung: Ass et elo definitiv esou, dass den Här Lies net schwätzt, well d'CSV huet hien als Éischte gemellt gehat?

(Interruption)

Okay. Et ass gutt. Dat ass da kloergestallt. Merci.

Als zweeten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci. Madamm Presidentin, et mécht jo elo net ganz vill Sënn, fir déi eenzel Dispositiounen, déi mer bei der Subvention loyer elo änneren, nach eemol all opzezielen. De Rapporteur, deem ech bei dëser Geleeënheet dann och wëllt felicitéieren fir säi Rapport, huet dat am Detail gemaach.

Mir Sozialiste sinn der Meinung, dass all dës Adaptatiounen richteg an néideg sinn. Et ass awer zäitgläich och verréckt feststellen, dass

vun de bal 19.000 Stéit, déi mat dëser Hëllef viséiert waren, der just e bësse méi wéi 10% och eng Demande gestallt hunn. Stell Der vir, de Stat leet 28 Milliounen op den Dësch an et kënn kee se sichen!

Ech hu jo selwer zu dësem Gesetz hei an der Chamber geschwat an ech hunn d'Regierung deemools felicitéiert derfir, dass se esou vill Leit mat dësen Hëlfelefen am A hat, nämlech bal 10% vun der Gesamtbevëlkerung vum Land. Elo, zwee Joer méi spéit, mussen mer feststellen, dass dës Berechnunge sech an der Wierklechkeet als net wouer erausgestallt hunn. Op d'Ur-saachen dovunner geet de Rapporteur a sengem Bericht an an e schwätzt vun der Angscht viru Stigmatisierung, der grousser Mobilitéit um Locationsmaart, dem Manktum un Informatioun oder nach de komplizéierte Prozeduren. Un all dësen Ur-saache wäert wuel eppes Woueres dru sinn.

Allerdéngs gesinn ech nach eng aner Ur-saach, an dat ass déi vun de Konditiounen, déi ee muss erfëllen, fir dës Hëlfelefen ze kréien. Déi 33% vum Revenu, déi mer als Taux d'effort minimal virgesinn haten, ware wuel berechtegt. An dat si jo och bekanntlecherweis op internationalem Plang déi Wäerter, déi unerkannt sinn.

Nach muss een awer wëssen, dass d'Käschte vum Wunne vill méi si wéi de Loyer eleng. Zu deem, wat e Stot muss all Mount opbréngen, fir ze wunnen, gehéieren och Chargen, Assurancen, Astandsetzungen, Entretien, heiansdo Avancen a sëllech aner Fraisen, soudass ee séier iwwert deenen 33% vu sengem Netto-revenu ausgëtt fir ze wunnen, quitte dass de Loyer selwer an eleng knapps dorënner läit. Et ass also kloer, dass déi Konditiounen, déi mer virun zwee Joer festgesat hunn, vill ze restriktiv waren.

Den Taux d'effort gëtt elo op 25% erofgesat an endlech ginn och dann d'Transfert-sociale wéi d'Grompergeld, oder nach méi wichteg, d'Kannergeld net méi matagerechent an de Seuil de faible revenu gëtt eropgesat op zum Beispill 2.500 Euro fir eng eenzel Persoun. Den Här Hahn hat eis e puer Beispiller ginn.

Déi Adaptatiounen, déi mer also hei virhuelen, si berechtigt a ginn der Realitéit vun de Stéit, déi lounen, vill méi gerecht.

Wann een nach eppes bedauere kann - an do sinn ech bei lech, Madamm Andrich -, dann ass et, dass mer zu Lëtzebuerg nach ëmmer kee Mietspiegel hunn a mer weiderhi mat engem Loyer de référence national rechnen. Dobäi misst et awer jiddwerengem kloer sinn, dass de Loyer um Kierchbiig eng aner ass wéi deen zu Rëmeleng oder zu Clief. Mir appelléieren dofir un d'Regierung, un esou engem Mietspiegel ze schaffen, mat alle Schwierigkeeten, déi mer kennen, e Mietspiegel, deen eis géif weisen, wéi héich d'Loyeren an deene verschiddene Regione vum Land wierklech sinn.

Ee Wuert nach zu enger vermeintlecher Angscht viru Stigmatisierung. An ech soen dat hei och ganz haart: Bei deene Präisser, déi ewell op dem Wunnengsmarkt gefrot ginn, brauch kee Mënsch - kee Mënsch! - hei am Land sech ze schummen, fir dës Wunnengshëllef unzefroen!

Ech géif awer wëllen nach eemol op de Prinzip vun dëser Loyershëllef zréckkommen. De Skandal ass net, dass mer haut müssen d'Konditiounen vun dëser Hëllef änneren. Deen eigentleche Skandal ass, dass mer esou eng Hëllef iwwerhaapt an eise Land brauchen! Skandaléis sinn nämlech d'Präisser um Locationsmaart, grad wéi d'Wunnengs- an d'Terrains-präisser insgesamt an hir onwahrscheinlech Evolution an de leschte Joren, jo, Jorzéngten.

► **Une voix.** - Très juste!

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Ech erënneren nach eemol drun, dass an de leschten zéng Joer d'Loyere fir Appartements ëm 43% an d'Luucht gaange sinn, während d'Inflatioun bei knapps 24% louch.

Nach méi skandaléis ass awer de Fait, dass mer hei zu Lëtzebuerg müssen eng Loyerssubventioun aféieren, well grad emol 2% vun eise gesamte Parc immobilier hei am Land Sozialwunnenge sinn! De Verglach mam noen Ausland ass do schockant: Däitschland 6%, Belsch 7%, Frankräich 19% an Holland phenomenal 35%.

A well mer et verpasst hunn, an de leschte Jorzéngte genuch soziale Wunraum ze schafen, ass dës Subventioun méi wéi berechtigt. Ech hunn och dofir absolut kee Versteesdemech fir déi, déi dës Wunnengshëllef am Fong kritiséieren, virun allem och, well et déi éischte Kéier ass, dass mer eng Hëllef aféieren, déi de Locataire ënnert d'Aerm gräift. Bis ewell waren eis Hëlfelefen, ob steuerlech oder via Subsidien, ëmmer fir d'Propriétaire geméint.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!



► **M. Yves Cruchten** (LSAP).- Dobäi wësse mer, dass déi Vulnerabelst um Wunnengsmaart d'Locatairë sinn. Dat eleng scho rechtfertegt dës Hëllef. Ouni dës staatlech Hëllef iwwerloosse mer d'Locatairen engem total entfesselte Maart!

Mir preparéieren den Abléck an der Kommis-sioun e gréisseren Debat iwwert de Logement. Fir d'Logementsproblematik awer an de Grëff ze kréien, brauche mer konsequent Decisiounen, kee Gepiddels a scho guer kee Klientelismus. Als Politik muss mer alleguerten dofir Courage weisen, an dat iwwert d'Parteigrenzen eraus.

Haut maache mer eng gutt Saach am Sënn vun der sozialer Gerechtegkeet an och an der Bekämpfung vun der Aarmut, mä dat geet nach laang net duer. Als Sozialisten erwaarde mir eis dofir ganz vill vun där bekannter Konsultationsdebat am Februar. Mir hoffen, dass et do net bei de Sonndesriede bleift, mä dass mer zesumme konsequent virgi géint d'Spekulationen a géint d'Präisexplosionen um Wunnengsmaart.

Mir si bereet, fir d'Problemer unzepaken, an hoffen, déi aner Fraktiounen alleguerten och! Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Cruchten. Als nächsten geschriwwene Riedner hunn ech den Här Henri Kox.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox** (déi gréng).- Merci, Madamm Presidentin. Och ech wëll direkt am Ufank Merci soe fir d'Ausféierunge vum Rapporteur Max Hahn, souwuel am Schrëft-leche wéi am Mëndlechen, wou en a sech op d'Detailer agaangen ass, firwat dës Wunnengs-hëllef iwwerhaapt agefouert ginn ass a firwat no annerhallwem Joer haut esou eng Refonte dovun gemaach gëtt. An ech mengen, ech ka gréisstendeels alles ënnerschreiw, mat ënnerstëtzen, wat den Här Cruchten virdrun hei och zu deenen eenzelne Moosname gesot huet, soudass mer dat och voll ënnerstëtzen.

Effektiv, wann een d'Zuelen héiert: 19.000 wa-ren et der virdrun, déi u sech eligibel gewiescht wieren, 2.000 hunn der et nëmmen an Usproch geholl. Do hëllefene Informatiounscam-pagnen a si méi wéi néideg, déi do misste kënne besser gräifen. Insbesondere och d'Of-fice-socialen hunn do e grouse Stellewäert. Och déi missten an deem Punkt méi ënner-stëtzt ginn. Ech mengen, haut gi mer erop op 28.000. Mir erhoffen eis, dass mer entspre-chend da méi eng breet Gesellschaftsschicht och kënnen erreechen an dass do engersäits och där Penurie kann entgéintgewierkt ginn.

Et ass och scho gesot ginn: Dat hei ass éischter eng Moosnam, déi d'Demande stimuliert. An do kann ech och nëmmen ënnersträichen: Mir hunn awer éischter e Risemanktum op der Of-fer. Ech mengen, do ass et och, wou de Schong am meeschten dréckt, insbesondere bei de Lo-catiounswunnengen. D'Zuele si virdru genannt ginn. Do bleift munches ze doen.

Et ass och elo scho gesot ginn: Am Februar maache mer eng gréisser Konsultationsde-batt. Och fir do net allem virzegräifen, wollt ech just ee Punkt erausgräifen, well et och de Moien um Radio war. De President vun der Chambre immobilière, deem huet gesot: „Mir wäere prett, fir do eppes ze maachen.“ Et mag sinn, dass d'Privatwirtschaft sécherlech ge-braucht gëtt, fir Wunnengsbau ze maachen, awer ech mengen, dat géif besser an der ëffentlecher Hand leien.

Ech soen zwee Punkten: Mir kennen d'SNHBM an och de Fonds du logement. Ouni elo an d'Detailer ze goen, mengen ech, hunn déi eng gutt Aarbecht an der Lescht gemaach. Mir hunn awer 105 anerer, ëffentlech Säiten, dat sinn eis Gemengen, déi scho ganz vill Efforte gemaach hunn, an déi wäerten och an Zukunft Efforte mussen maachen. An ech denken, dat ass deen drëtten ëffentlechen Träger, deem awer fir mech besser misst ënnert d'Aerm gegraff kréien.

Mir hu jo dee Pacte Logement, deem ënnerwee ass, dee jo och de Moment an enger Refonte ass. An ech mengen, dee misste mer beschleu-negen. Ech mengen, wa mer en, wéi uge-duecht, a Richtung vun engem Pacte Climat ausschaffen, näamlech eng logistesche, tech-nesch a finanziell Hëllef, da kéinte mer och déi Offer vill méi schnell opgräifen. Ech hoffen, dass mer dee Projet och an där Debat méi aus-gibeg diskutéiere kënnen, awer och eng Be-schleunegung an engem zweete Pacte Lo-gement, oder Pacte Logement 2.0, wéi e ge-nannt gëtt, fir dat kënnen ze maachen.

An dann huet natierlech d'Privatwirtschaft do e Rôle ze spillen, fir ze hëllefen, dat mat de Ge-

mengen ze bauen, respektiv mam Stat. Ech mengen awer, dass de Lead an deene soziale Wunnengen, insbesondere do, oder an deem Locationswunnengsberäich, fir deen Taux endlech an d'Luucht ze bréngen... Et ass niewent den zwee ëffentlechen Träger och mat deem drëtten - näamlech deenen 105 Ge-mengen, oder elo zum 1. Januar, mengen ech, da gi mer erof op 102, well duerch déi dräi Fu-siounsgemenge gëtt dat reduzéiert - e grouse Marche ze maachen oder e grouse Worf ze maachen, awer just ënnert där Bedingung, dass mer natierlech och déiselwecht Konditiou-nen do maachen an eng propper a gutt Hël-lefstellung maachen, e Reseau vu Berodungen, an och technesch Berodung op de Gemengen direkt. An do ass vill Potenzial. Dat kënne mer ëmsetzen.

Duerfir, mir ënnerstëtzen dat heiten. Wéi gesot, d'Debatt: Mir freeën eis drop, am Februar och konstruktiv méi eng breet opgestallten Debat hei kënnen ze féieren.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Kox. Als nächsten age-schriwwene Riedner hunn ech den Här Roy Red-ing.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Jo, Merci, Madamm Presidentin. Och mir als ADR wollten dem Här Hahn Merci soe fir säin extrem präzise Rapport, wou ee ganz genau gesäit, wourëm et hei geet. An och dem Här Yves Cruchten wollt ech speziell Merci soen, well en huet op d'Krx higewisen, firwat dat dat heiten néideg ass. Firwat mer dat heiten och ënnerstëtzen, dat ass, well mer hei am Land en extrem, extrem klenge Park u soziale Mietwunnengen hunn.

A genau duerfir ginn ech dem Kolleg Kox net recht a sengen Ausféierungen. D'ëffentlech Hand huet hei jorzéngtelaang nohalte versot. An et ass effektiv elo Zäit, dat mer op dee Wee ginn, wéi en haut de Moien opgewise ginn ass duerch de Jean-Paul Scheuren vun der Cham-bre immobilière, dat d'Privat-hand vill méi age-bonne gëtt an de Bau vu Mietwunnengen, vu bezuelbare Mietwunnengen.

Mir ënnerstëtzen deen heite Projet, well en ab-solut bluttnéideg ass am Moment fir Leit, déi sozial drop ugewise sinn. Mir sinn eis awer be-wosst, an och dat ass schonn ugeklongen, dat natierlech ëmmer all Subventionierung eng Gefor mat sech bréngt, näamlech déi Gefor, dat doduerch d'Präisser eropginn. An enger Situatioun, wou souwisou d'Demande vill méi grouss ass wéi d'Offer, kann dat e ganz per-versen Endeffekt hunn.

Mä trotzdem ënnerstëtze mer dat Gesetz a wäerten et als ADR matstëmmen. Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Reding. Dann als leschte Riedner hunn ech den Här David Wag-ner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. Oh Wunder, d'Gesetz huet net gegräff! Wien hätt dat geduecht? Doriwwer ass schonn déi leschte Kéier diskutéiert ginn. D'Gesetz huet net esou gegräff, wéi geplangt. Et gëtt elo e bësse reforméiert. Et wäert héchst-wahrscheinlech e bësse méi gräifen, mä am Fong bleift eis Kritik jo déiselwecht.

Well firwat gëtt esou eng Aide au logement vun dëser Regierung gemaach? Mä ganz ein-fach, well d'Logementspolitik vun dëser Regi-erung en Echec ass an en Echec wäert bleiwen. An d'Konsultationsdebat, déi am Februar wäert stattfannen, déi héchstwahrscheinlech wäert interessant sinn, wäert, mengen ech, e bëssen ze spéit kommen. Well ech erënneren drun, dat déi heite Regierung - wéini war dat? -, ech mengen, 2013 gewielt ginn ass. 2013 ass déi heite Regierung gewielt ginn.

D'DP, déi de Logementsressort hat, huet de Logementsressort deementspriechend ganz seriö geholl an och riicht duerch besat. Et ass immens vill geschitt an deem Ressort. Duerno huet missen e Wiessel geschéien. Et ass e bësse méi geschitt, muss ee soen, mä et ass net dat Richtegt geschitt, well dee richtege Problem ass weiderhin deen - dat gouf scho gesot, mä mir soen dat mat Nodrock als déi Lénk zënter Joren -, dat aneschtens wéi d'ADR et sot, et net ass, dat de private Marché muss méi age-bonne ginn - deen ass scho genuch agebon-nen, dee mécht hei d'Gesetz quasi um Loge-ment -, mä dat déi ëffentlech Hand elo muss radicalement intervenéieren.

Well mir si mat enger Urgence hei konfrontéiert um Logement. An do kann een net just e bës-sen hei flécken an e bëssen do flécken. An déi heiten Aide locative, egal wéi gutt se verbessert gëtt, dat ass schlussendlech eng indirekt - dat kann ee soen - Beförderung awer erëm eng Kéier vun de Propriétaires, well et ass nach ëm-mer net kloer, dat d'Propriétaires herno op Dauer erëm dovunner wäerte profitéieren an

hir Loyere wäerten deementspriechend erhéi-jen, wat och d'Chambre des Salariés an hirem Avis seet. An där modifizierter Versioun vum Gesetz misst jo och weinstens e Mechanismus virgesi ginn, fir dat bei enger Augmentatioun vum Loyer, déi a Verbindung wier mat der Aide locative, dat do e Mechanismus misst age-fouert ginn, dat weinstens och schonn d'Lo-catairë missten informéiert ginn, wat se kéinten ënnerhuele bei de Logementskommissiounen um Gemengenniveau, déi meeschtens och net esou richteg funktionéieren.

Et sinn nach ëmmer eng Partie Saachen, déi mir kritiséieren. Elo ass dat reforméiert ginn, dat een net méi muss beweisen, dat een iwwer sechs Méint en Aarbechtsvertrag huet, mä nach just dräi Méint. Et stellt sech d'Fro: Firwat iwwerhaapt? Souwisou, wann een e Bail huet - well an anere Länner brauch een dat net -, huet ee scho bewisen, dat een eben eng Wun-neng huet.

Dat ass erëm eng Hürd. Déi kéint een ofscha-fen. An och de Loyer de référence. Deen ass natierlech onméiglech. Mir hunn eng Moyenne vu Loyer an der Stad fir en Appartement, déi iwwer 1.700 Euro ass, am Osten iwwer 1.100 Euro. Dat sinn ëmmerhi gutt 600 Euro Ennerscheed. Dat heescht, dat een an der Stad nach méi Schwierigkeete kann hu wéi am Os-ten, well mer wëssen, dat u sech d'Präisser staark variéiere vu Géigend zu Géigend, also dovunner ofgesinn, dat se iwwerall eendeiteg vill ze vill héich sinn.

A weiderhin ass och de Plafonnement vun den Aidé relativ niddreg. An e misst och adaptéiert ginn, weinstens un d'Deierecht. Mä mir hate schonn ëmmer e Problem, well mer gesot hunn, schlussendlech, et ass jo einfach als Stat dohinnerzegen, fir ze soen: „Boff, als Re-gierung wäerte mer jo näischt géint d'Spekula-tioun maachen. Mir wäerten näischt maachen, fir d'Präisser vum Buedem ze bremsen, fir d'Präisser vun de Loyerer ze bremsen, mä mir wäerte mat Steiergelder eben erëm eng Kéier indirekt d'Propriétaire finanzéieren.“

Mir niéieren net, vu dat d'Situatioun esou katastro-phal ass, dat et wahrscheinlech wäert kuerzfristeg e puer Leit e bëssen hëllefen, mä op Dauer wäert dat net vill gräifen.

Déi nächst Regierung - well ech maache mer keng Illusiounen méi an dëser Regierung -, ech weess net, wéi déi nächst Regierung wäert aus-gesinn, mä déi nächst Regierung wäert mussen massiv ëffentlech investéieren, selwer bauen, de private Marché brieche - dat muss ee soe ganz einfach - vun de grouse Promoteuren, vun de grouse Spekulant. Dat ass dee Wee, deen ee muss goen. An ech mengen, déi Kon-sultationsdebat kënnt e bëssen ze spéit.

A wann ech och nach kucken, elo grad krute mer och an der Stad - ëmmerhin ee Fénneftel vun de Leit liewen an der Haaptstad - endlech d'Déclaration échevinale presentéiert dëse Méinden. Do ass deelweis och déiselwecht Par-tei dra wéi an der Regierung. An do gesinn ech: Do wäert sech och net vill bewegen. Et deet mer wierklech leed: Ech hunn heiansdo den An-drock, dat gewësse Milieue sech hei zu Lëtze-buerg domadder satisfaiséieren, dat u sech im-mens vill Leit d'Land mussen verloossen, fir am Ausland kënnen ze liewen, an dat u sech nê-mmen déi Leit kënnen hei zu Lëtzebuerg liewen, déi et sech nach leeschte kënnen.

Ech soen lech Merci. Mir wäerten eis enthalen.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Wagner. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Da géif ech elo direkt der Regierung, vertrueden hei duerch de Loge-mentsminister Marc Hansen, d'Wuert ginn, fir Stellung ze huelen zu de verschiddene Punk-ten. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Marc Hansen**, *Ministre du Logement.*- Madamm Presidentin, léif Membere vun der Chamber, ech wëll elo net ze vill an all Detail op déi verschidde Punkten agoen, déi ernimmt gi sinn op dëser Plaz, well mer jo déi grouss Debat hunn, an Dir sidd jo och an der Loge-mentskommissioun amgang, déi intensiv ze preparéieren.

Ech géif awer vläicht e puer Saachen eng Kéier kuerz an dat richtegt Liicht setzen, well déi hei ernimmt gi sinn an awer net onwichtig sinn. Et ass jo gesot ginn, dass déi ëffentlech Akteuren net genuch Mietwunnenge géife bauen. Ech soen dat aus Aktualitéitsgrënn, well mer de Moien am Regierungsrat déi lescht Aktualisa-tioun vum eise Programm vun de Construc-tions d'ensembles gemaach hunn. Do sinn erëm 18 nei Projeten dropgesat ginn. Déi 18 nei Projeten, dat sinn da ronn 150 Unitéiten. Do si 60 Unitéite ronn fir d'Vente an 90 Uni-téite fir d'Locatioun.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la Prési-dence.**)

Op deenen Aktualisatiounen vum deem Pro-gramm vun de Constructions d'ensembles, där gouf et der puer... Zanter Oktober 2014 sinn 362 nei Projeten drop. Dat si ronn 4.300 Wunnengen: 1.660 fir d'Vente a ronn 2.600 fir d'Locatioun. Dat heescht, dat, wat ëmmer ge-sot ginn ass, dass dat just fir d'Vente wär, dat ass amgang ze dréien. An Dir mierkt et jo un deem dote Prozentsaz: Mir sinn amgang, an déi Richtung ze kommen. Natierlech kritt een dat och net vun engem Dag op deen anere geännert, mä dee Prozentsaz vun de Loca-tiounswunnengen ass, esou wéi et och am Re-gierungsaccord steet, amgang gedréit ze ginn, fir an déi aner Richtung ze goen.

Wichtig an deem dote Kontext ass awer och d'Zuel vun de Gemengen, well dat och kuerz ernimmt ginn ass, déi awer och amgang sinn, sech ëmmer méi hirer Responsabilitéit bewosst ze ginn. Vun deenen neie Projete vun de Moie kommen der ronn 55% aus Gemengenhänd. Iwwert dee ganze Kontext vun deenen Aktuali-satiounen leie mer och bei deene 55%, wat vu Gemengen ass. Mä do ass awer - an ech mengen, dat ass jo och ee vun de Constaten aus Ären Aarbechten aus der Logementskom-missioun - do ass eben nach Loft no uewen, soudass een doriwwer natierlech soll schwätzen.

Ee Wuert dann och iwwert d'Beschleunegung vum Pacte Logement an der Refonte dovunner. Natierlech wäerte mer elo erëm eng Kéier op de Gas trëppelen, mä, Här Kox, Dir wësst dat selwer: Et ware Gemengewahlen am Oktober. An do virdru war et deen een oder anere Mount net méiglech, fir doriwwer ze schwätzen.

Mir waarden. Well mer dat am participativen Effort maachen, maache mer dat jo och mam Syvicol zesummen. De Syvicol ass jo och amgang, sech nei ze constituéieren. A wann dat dann alles erëm opgestallt ass, wéi dat sech gehéiert an alle Gemengen, gi mer natierlech och weider, fir dorunner ze schaffen. Mä ech mengen, déi Aarbechte waren awer konstruk-tiv, an da soll een, wann déi alleguerten erëm constituéiert sinn an de Gemengen an am in-terkommunale Kontext, erëm virufueren.

Ech wëll och dem Rapporteur Max Hahn Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport an déi Aarbecht an der Kommissioun. Ech wëll och Merci soe fir dee grouse Support hei an der Chamber. Déi éischte Kéier bei deem heite Vott, du gouf et, mengen ech, déiselwecht breet Zoustëmmung.

An da wëll ech awer och e Punkt soen: Wa mer jo alleguerten - an dat ass awer och, mengen ech, wichtig an deenen heiten Zäiten - awer mierken, dass bei engem Gesetz, wat mer alle-guerte gestëmmt hunn, entre-temps e puer Punkten net gräifen, dann ass et, mengen ech, och der Politik net onwichtig an et steet der Politik och gutt zu Gesicht, dass een dann ze-summen higeet, dat ajustéiert an et esou mécht, dass et da kann esou vill wéi méiglech gräifen.

Well firwat ass déi heiten Aide iwwerhaapt age-fouert ginn? Et ass jo schonn e laange Prozess. Déi ass jo agefouert ginn, well et e grouse Re-tard gëtt an deene Locativwunnengen, fir eben am soziale Beräich kënnen der unzibidden a fir deem Retard entgéintzewierken. Währenddem déi nei Wunnenge gebaut ginn, geet et jo drëm, fir déi, déi um private Marché lounen, doranner ze ënnerstëtzen.

Eppes awer och vläicht, wat och zum Schluss gesot ginn ass, wat d'Locatiounspräisser ugeet. Ech géif lech alleguerten eng Kéier uroden, dee leschten „Fokus“ vun dem Observatoire de l'habitat ze liese mat de Loyerspräisser an de Moyennspräisser. Dat sinn awer anerer wéi déi, déi elo grad hei op der Tribün genannt gi sinn. Deen „Fokus“ vun dem Observatoire koom eigentlech am Juli eraus.

Do läit de Moyennspräis fir e Moyennsappart-ement am Land bei ronn 960 Euro, queesch duerch d'Land gekuckt. Dat sinn awer natier-lech Moyennen. Am Zentrum ass dat 1.100 Euro oder 1.150, mengen ech. Ech weess se elo net auswenneg. An an anere Beräicher vum Land läit dës an anere Paragen. Natierlech gëtt et extrem Positiounen, wéi déi, déi elo vläicht hei ernimmt gi sinn. Mä dat dote sinn déi Zuelen, déi mer awer vun deenen Akteure presentéiert kréien.

Mir hunn d'Efforten, déi op där Subvention loyer leien, elo hei an d'Luucht gesat. Mir hu vill Konditiounen ofgeschafft, déi et vläicht komplizéiert gemaach hunn, déi mer och ze-summen esou beschloss haten. An ech mengen, wann een dat jo mierkt, da solle mer och responsabel sinn, fir dat ze ajustéieren, wat mer jo dann och haut maachen.



Ech soe Merci fir de Support a si frou, dass mer dat heite kënnen adoptéieren an et dann och an der Praxis kënnen ëmsetzen an dann natierlech och nach eng Kéier en Effort maachen - d'Madamm Andrich hat dat och hei gesot - an dem Informatiounsberäich. Mir haten déi leschte Kéier och Formatiounen gemaach fir déi Leit aus den Office-socialen. Do sinn der och vill komm aus de Gemengen oder aus deene Reseauen, déi do aktiv sinn.

Ech hu selwer, an ech wäert dat och elo erëm maachen, den Tour an de Gemenge gemaach. Ech hunn och de Gemengeresponsablen do d'Missioun, wann ech iwwerhaupt eng Missioun ze erdeelen hunn, mat op de Wee ginn, dass si an hire Gemenge solle mat hire responsabele Leit doriwwer schwätzen, fir dat kënnen un déi concernéiert Leit weiderzeginn. Well et geet net nëmmen duer - dat muss een och maachen -, fir breet Masseninformatiounen hei fléissen ze loosse, mä et muss een och cibléiert kënnen un déi Leit erukommen, well déi vläicht net ëmmer esou accessibel sinn, fir déi doten Informatiounen ze hunn, aner Suergen nach am Kapp hunn. An dat ass eppes, wat mer deemools scho gefleegt hunn, wou mer elo nach méi en Effort wäerte maachen. Et war an der Kommissioun diskutéiert ginn.

An dann awer och Merci fir déi Efforten an der Kommissioun, well mir haten de Bilan gemaach an de Constat gemaach, dass et der net vill waren, an dann hat ech e puer Propositionen op den Dësch geluecht. Dat waren eben déi, vun den 33% op déi 25% ze fueren, an aner. Déi sinn och praktesch am Konsens do mat de Propose vun deene verschiddene Memberen aus der Kommissioun dunn ëmgeseit ginn. An ech mengen, et ass jo awer och esou, wéi an deem dote Beräich d'Politik sollt a ka fonctionnéieren. Mir hoffen, dass elo vill Leit kënnen dovunner profitéieren, fir hinnen am Alldag ze hëllefe bei deem schwierige Problem, wat de Logement nun eemol ass a wäert bleiwen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister. A mir kënnen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7186 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7186 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass...

► **Une voix.** - Et geet net.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also, ech hu 60 Ofstëmmungen. Da misst alles geklappt hunn.

58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wilseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen (par M. Roger Negri) et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lambert, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagnier.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt vum eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Orientéierungsdebatt iwwert de Finanzement vun deene groussen Infrastrukturprojeten. An

d'Wuert huet elo direkt d'Rapportrice, d'Madamm Josée Lorsché.

8. 7187 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei der Orientéierungsdebatt vun haut geet et ëm net manner wéi 27 grouss Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung mëttel- a laangfristeg wëllt realiséieren. Dir verstitt, datt ech net op all Projet am Detail kann agoen.

Fir datt dës Projeten effektiv kënnen ëmgeseit ginn, muss d'Chamber fir d'Éischt hiren Accord de principe dozou ginn. Dat bedeit, datt déi néideg Etüden a Pläng fir all eenzelne Projet eréischt däerfe realiséiert ginn, wann d'Chamber der Regierung den Opdrag dofir gëtt. An et ass dat, wat mir haut wëlle maachen.

Eng kuerz Erklärung nach zu der Prozedur: Dir wësst, dës Prozedur ass 2005 agefouert ginn a bezitt sech op sämtlech grouss Infrastrukturprojeten, déi viraussichtlech méi wéi 10 Milliounen wäerte kaschten. Derbäi kënn, datt fir all Projet, deen iwwer 40 Milliounen wäert leien, e speziell Finanzéierungsgesetz muss ausgeschafft ginn.

D'Zil vun dëser Prozedur besteet doran, d'Chamber vun Ufank un an d'Planung vun de Projeten anzebezieen an och fir méi Transparenz ze schafen, wat hire Finanzement ublaangt. Aus deemselwechte Grond muss den Nohaltegkeetsminister d'Budgetskontrollkommissioun och regelméisseg iwwert déi finanziell Entwécklung vun all Projet an d'Bild setzen. Souvill zu der Prozedur.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Ziel vun de Projeten, déi haut diskutéiert ginn, ass, wéi gesot, net kleng, et sinn der 27: 6 dovun gehéieren an de Beräich vun den Eisebunnsinfrastrukturen, 7 an de Beräich vun de Ponts et chaussées a 14 falen der ënnert d'Verantwortung vun der Administration des bâtiments publics.

Ech fänken u mat de Projekte vun den CFL, déi iwwert de Fonds du rail finanzéiert solle ginn.

Beim éischten handelt et sech ëm de Bau vun engem Park & Ride-Gebai mat 400 bis 500 Emplacementer um Arrêt Bascharage-Suessem, wou momentan just 100 Parkplaze bestinn. Dëst Parkhaus soll an de Joren 2021-2022 realiséiert ginn a beleeft sech viraussichtlech op e Käschtepunkt vu 15 Milliounen Euro.

En zweete Park & Ride mat op d'mannst 350 Emplacementer soll an de Joren 2021-2022 op der Gare vun Elwen am Norden entstoen, dëst fir e Käschtepunkt vun ongeféier 12,5 Milliounen Euro.

Dann zum drëtten Projet. Dee besteet aus der Suppressioun vum Passage à niveau 81b zu Capellen, dem Bau vun engem Parking mat 70 Stellplazen an dem Neibau vun der Haltestell op deemselwechte Site. An deem Kontext gëtt och d'Haltestell verlängert, fir genuch Plaz fir all Zuchkompositioun ze schafen. Donieft wäert de Site och behënnertegerecht a vélosfrëndlech amenagéiert ginn, dat Ganzt mat engem Käschtepunkt vun ongeféier 17,2 Milliounen Euro.

Eng weider Haltestell, déi moderniséiert a behënnertegerecht amenagéiert gëtt, ass déi vu Walfer. D'Aarbechte sollen tëschent 2020 an 2022 stattfannen a kaschte viraussichtlech 11,9 Milliounen Euro.

Dann nach dee fënnefte Projet, deen ass zu Bierchem ugeduecht, do soll d'Gare op der Beetebuerger Streck an de Joren 2020-2022 moderniséiert ginn. Hei ass villen geplangt. Dat aalt Gebai soll ofgerappt ginn, well et sech vum technesche Standpunkt hier net gutt renovéiere léisst. Amplaz kommen dofir awer geheizt Raim fir d'Clienté vun der Bunn.

Donieft enthält de Projet och eng behënnertegerecht Upassung vun allen Infrastrukturen, de Bau vun enger neier Ennerféierung, d'Verlängerung vun de Quaie, fir datt och hei all Zuchkompositioun um Quai kann halen, eng mBox fir Véloen, en neien Informatiounssystem fir d'Clienten an eng Erneuerung vun den elektreschen Traktiounen. De Käschtepunkt läit bei dësem Projet bei ongeféier 11,7 Milliounen.

Dee sechsten a leschten Eisebunnsprojet ass technescher Natur a bezitt sech op d'Erneuerung an dräi Phase vun de Sécherheestsinstallatiounen op der Nordstreck, dat heescht op der Eisebunnslinn tëschent der Stad Lëtzebuerg an Elwen. Dëst fir e Käschtepunkt vun ongeféier 36,7 Milliounen Euro.

Ech kéim da bei d'Ponts et chaussées, wou d'Projeten iwwert de Fonds des routes finan-

zéiert ginn a virun allem geduecht sinn, dat wëll ech betounen, fir méi Parkraum a méi Plaz fir de Bus a fir de Vélo ze schafen.

Deen éischte besteet aus dem Bau vun engem Park & Ride zu Mesenich bei Waasserbëlleg, direkt op der däitscher Grenz, wou momentan 261 Stellplazen installéiert sinn. Dëse Projet verleeft an zwou Phasen. Déi éischt besteet aus dem Bau vun zousätzleche 737 Parkplazen ënner fräiem Himmel, déi zweet Phas aus dem Bau vun engem Parkhaus mat ganzer 990 Stellplazen, soudatt de Berechnungen no insgesamt 1.727 (veuillez lire: 1.727 zousätzlech) Parkplaze fir d'Grenzgänger direkt bei der Grenz zur Verfügung wäerte stoen.

Parallèll dozou si Busnavetten an enger héijer Frequenz virgesinn, fir d'Pendler direkt op dëser Plaz opzefänken an da mat der Navette an d'Stad ze bréngen oder an d'Regiounen ronderëm. E Virschlag, deen an der Chamberskommissioun op oppen Ouere gestouss ass, war deen, Parkhaier wéi dat hei, mä och grouss Parkplazen ënner fräiem Himmel an Zukunft mat Fotovoltaikanlagen auszerüsten. Déi Propos ass vum Minister positiv opgehall ginn. An och déi Etüde wäerten ulafen, wann Dir d'accord sidd.

Den zweete Projet vu Ponts et chaussées ass am Uelzechtdall virgesinn a bezitt sech op de Reamenagement vun der N7 tëschent Miersch a Walfer. Dat ass eng gréisser Streck. Hei ass geplangt, de Stroosseraum zugonschte vun de Vélosfuerer, de Foussgänger a vum Bustransport ëmzebauen an eng ganz Rei Moosnamen ze realiséieren, fir d'Vitesse op där Streck erofzesetzen an de Stroosseraum méi gréng ze gestalten.

Dëse Projet ass zesumme mat de betraffene Gemengen ausgeschafft ginn an en ass am Kontext vun der allgemeiner Verkéiersberoeung vun de Statsstroossen an den Uertschaften ze gesinn, esou wéi dat och a verschiddene Gemenge vum Süde scho realiséiert gëtt.

En drëtten grouse Projet zugonschte vu méi enger nohalterger Mobilitéit ass den Aménagement vun enger sougenannter „Vélo-Expresslinn“ laanscht d'Escher Autobunn, d'A4, tëscht dem Echangeur Esch-Lankelz an dem Echangeur Leideleng-Nord. Dës Vélosstrooss souzeen, déi éischt am Land, soll begréngt ginn. Si soll komplett getrennt vun der Autobunn verlafen a mam Pôle d'échange Cloche d'Or respektiv mam Contournement vun Zeisseng a mat der Porte de Hollerich verbundene ginn, soudatt een dee Moment roueg a securiséiert vun Esch bis an d'Stad mam Vélo ka fueren.

Parallèll dozou wäert op der Autobunn eng getrennt Spur fir de Bus entstoen. Dës sougenannt „voie bus à confort élevé“ ass grad wéi d'Véloslinn e wichtegt Element vum sougenannte Plan national pour un développement durable, deen op d'Reduktioun vun CO₂-Emissiounen setzt an de Vélos- a Bustrafic als wichtegt Element vun engem ëmweltfrëndleche Mobilitéitskonzept ugesäit.

Ëm ëmweltfrëndleche Mobilitéit geet et och beim Projet vun „Bus à haut niveau de service“, dem BHNS, deen transversal duerch de Süde vum Land soll verlafen, dëst tëschent Dideleng a Péiteng.

D'Ponts et chaussées, den MDDI, d'Gemengen Esch, Suessem a Schëffleng, de Syndicat TICE an d'Cellule modèle de transport, d'CMT, koumen hei zur Konklusioun, datt esou e Bus déi bescht Léisung wier, fir d'Mobilitéit an der Südregioun méi effikass a méi nohalteg auszerüchten. An deem Sënn ass de BHNS mat enger Capacitéit vu bis zu 30.000 Passagéier am Dag als wichteg Ergänzung zu den TICE-Busser an zum Zuch am Süden unzegesinn an net als hire Konkurrent.

Beim fënnefte Projet geet et dann ëm eng nei Verbindungsstrooss, déi tëschent dem Pont Buchler bei der Stater Gare an Hollerech soll entstoen. Dëse Projet gëtt an enker Zesummenaarbecht mat der Stad Lëtzebuerg an der Association Wurth-Landewyck, déi un der Ausaarbechtung vun dësem Projet bedeelegt sinn, ausgeschafft.

Konkret geet et ëm de Bau vun engem neien Tracé, deen duerch Hollerech féiert an op der Escher Strooss an der Géigend vum aktuelle Gebai vun der Sécurité sociale soll erauskommen. Dës Verbindung steet och am Kader vun der Urbaniséierung vun deem Quartier. Si schafft awer och Plaz fir d'Assise vum Tram, deen op dëser Streck a Richtung Hollerecher Gare wäert fueren. An donieft schafft se och eng Verbindung zu der A4 a Richtung Esch.

De sechste Projet, dat ass eng weider Stéchtstrooss, déi an der Géigend vu Sandweiler an Hamm virgesinn ass, fir de Camiontrafic um Rond-point Irgäertchen ze reduzéieren. Dëse Projet gesäit eng nei Verbindung zu den Aktivitéitszone vu Sandweiler, Hesper a Conter vir a soll et erlaben, de Giddertransport vum normalen Trafic ze trennen.

Dëse Projet steet an enkem Zesummenhang mam siwenten, an zwar mam Reamenagement vum Rond-point Irgäertchen, deen nodréiglech an d'Lëscht vun de groussen Infrastrukturprojeten opgehall ginn ass, well et sech erausgestallt huet, datt en eppes iwwer 10 Milliounen wäert kaschten, dëst aus technesche Grënn.

Den drëtten a leschte Volet, op deen ech ze schwätze kommen, bezitt sech op déi ëffentlech Gebaier, ugefaange mat siwe Projeten, déi iwwert de Fonds d'investissements publics administratifs finanzéiert ginn.

Deen éischte besteet aus dem Neibau vum Bâtiment Robert Schuman am Kierchbiereg, wat Ufank de 70er Jore gebaut ginn ass an den haitegen Ufuerderungen a villen Hisiichten net méi gerecht gëtt. Ech muss do net an d'Detailer goen. Dir wësst, datt Gebaier aus de 70er Jore renovéierungsbedürftig sinn, wa se iwwerhaupt nach kënnen erhale ginn. Hei ass dat wahrscheinlech net de Fall.

An deem Gebai sinn d'Iwwersetzungsservicer an d'Imprimerie vun den europäeschen Institutionen ënnerbruecht. Am Kontext vum Reamenagement vun der Place Robert Schuman soll dëst Gebai mat Liewe gefëllt ginn, an zwar doduerch, datt Raum geschafe gëtt fir Wunnengen, kleng Geschäfte, Services de proximité a liberal Beruffer. Ugeduecht ass och, datt en Dokumentationszentrum iwwert déi europäesch Institutionen an där Infrastruktur soll entstoen. Wéi gesot, eng Infrastruktur, déi wahrscheinlech wäert ganz nei gebaut ginn, wat deem Ganzen och eng historiesch a kulturell Plus-value wäert ginn.

Direkt niewendru läit bekanntlech d'Philharmonie. Och an deem Gebai gëtt geschafft. Et geet drëms, de Foyer ze vergréisseren an déi néideg Plaz ze schafe fir eng professionell Restauratioun mat enger moderner Kantine fir d'Kënschtler, mä och mat engem zäitgemäissen a méi groussen Empfangsraum fir de grand Public.

Den drëtten Projet bezitt sech dann op de Prisons vu Schraaseng, dee renovéiert soll ginn. Dëse Projet gehéiert an de Kontext vun der Réforme pénitentiaire, déi ënner anerem derzou féiert, datt d'Prévenuen am Joer 2022 zu Suessem am Prisons vum Uerschterhaff wäerten ënnerbruecht ginn. Domat wäert Plaz am Prisons vu Schraaseng fräi gi fir de Bau vun enger zäitgemäisser Kichen, vu Besuchsraum, enger geriatrescher Unitéit, wou ee muss wëssen, datt déi eeler Prisonspopulatioun aner Bedürfnissen huet, zum Deel och krank ass an dofir besser getrennt vun deenen anere Prisonéier ënnerbruecht ass. An donieft soll hei och en neie Sécherheetstrakt entstoen.

De véierte Projet am Niveau vun den ëffentlechen Gebaier besteet aus der Konstruktioun vun engem gemeinsamen Zentrum fir d'Retungsdréngschter a fir d'Police zu Esch mat Parking a gemeinsame Raimlechteeten. Dëse Projet soll et erlaben, Synergien tëschent de Rettungsdréngschter an der Police ze schafen. De Site stéisst un de Parking vun engem bekannte Supermarché zu Esch/Lalleng - Dir wësst, wien ech mengen - am Boulevard Aloyse Meyer a verleeft a Richtung Schëffleng.

Ëm d'Police geet et och beim nächste Projet, an zwar méi speziell ëm d'Policeschoul, déi um fréiere Site vun der Ediff zu Monnerech soll ënnerbruecht ginn. Fir d'Demandeurs de protection internationale, déi momentan an dësem Gebai installéiert sinn, entsteet eng nei Struktur zu Esch am Quartier Neiduerf, soudatt de Site vu Monnerech wäert fräi ginn.

Mam sechsten Projet komme mer an d'Chamber, wou mer eis hei befannen. Si ass op dräi Gebaier verdeelt, dat wësst Der och: de sougenannten Hôtel de la Chambre, d'Maison Prinz/Richard an d'Maison Wiltheim. Hei ass virgesinn, déi dräi Gebaier un déi bestoend Sécherheetsnormen unzepassen.

(Interruption)

An dann nach de siwente Projet...

An den Teppich kéint een och eng Kéier analyséieren an deem Kontext. Ganz gutt!

► **Une voix.** - Erausrappen!

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Verbrennen.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Erausrappen. Oder verbrennen, seet den Här Angel. Dat musst Der...

► **Une voix.** - Ooh!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Dat huet de Minister héieren.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Mir missten e schéine Wues heibannen hunn.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - D'accord.

De siwente Projet, deen an der Kommissioun net op grouss Begeeschterung gestouss ass, bezitt sech op d'Propos vum Regierungsrat,